Fauschtdéck Iwwerraschung vun Hueschtert

RTL|Update: 14.09.2019 19:33

Um Samschdeg hunn déi Hueschterter de Champion Diddeleng mat 1:0 geklappt. Den decisive Gol huet de Yala Lusala an der 64. Spillminutt markéiert.

Um 6. Spilldag an der BGL Ligue war um Samschdeg den aktuelle Champion F91 Diddeleng op Besuch bei der US Hueschtert. D'Lokalekipp konnt sech um Enn mat 1:0 behaapten a domatt seng éischte 3 Punkten fir des Saison feieren.

Viru 407 Spectateure war den F91 an der 1. Halschent wuel déi iwwerleeën Ekipp, ouni sech awer däitlech Chancen eraus ze spillen. Déi Hueschterter hunn eng ganz virbildlech a kämpferesch 1. Halbzeit gewisen a sech an all Ball geschmass.

An der 64. Spillminutt huet et dunn am Gol vum F91 gerabbelt. No engem Corner krut d'Defense vum F91 de Ball net gekläert. De Yala Lusala ass un de Ball komm an huet dat ronnt Lieder an de Filet gesat. An der Schlussphas huet den F91 alles no vir geheit, mee d'Gäscht hu kee richtegt Mëttel fonnt, fir Defense vun der Lokalekipp ze iwwerbrécken. An der Schlussphas misst de Pleimling, Golkipp vun den Hueschterter, dunn awer nach säi Kënnen ënner Beweis stellen. Mat e puer super Reflexer konnt hie senger Ekipp um Enn awer déi éischt 3 Punkte vun der Saison retten.

Den F91 huet nom Remis géint de Racing also weider Punkte an der Course ëm de Championstitel leie gelooss.